Rapport

vun der Generalversammlung vum 12.11.2015

		Jo	Nee
Présencen :	Grün Bob	X	
	Seyler Mars	X	
	Grosbusch René	X	
	Marson Aloyse	X	
	Schmit Marc		X
	Ralinger Claude	X	
	Reuter Claudine		X
	Peltier Nico	X	
	Alldis Monique	X	
	Konsbrück Julien	X	
	Theisen Benoît	X	
	Monville Yves	X	

Ordre du jour :

1. Allocution de bienvenue du président
2. Rapport du secrétaire
3. Compte rendu des activités de l'exercice 2014-2015 par le CG
4. Compte rendu de la situation financière
5. Rapport des réviseurs de caisse
6. Approbation des comptes de l'exercice 2014-2015
7. Décharge du comité et des réviseurs de caisse
8. Election de 2 réviseurs de caisse pour une durée de 2 ans
9. Fixation de la cotisation annuelle
10. Election des membres du comité pour une durée de 2 ans
11. Divers

---

1. Usprooch vun President

De President begréisst all Uwiesend.

Vun der Gemeng sinn do : Manon Bei, May Hahn, Arsène Berger, Carlo Neu, Armand Kariger, Claude Bosseler.

Eis Eierememberen : Nobert Arend (Eirepresident),
Claude Bosseler (Eirenmember)

Rapport

2. Rapport vum Sekretär

De Groupe haat an der Saison 2014-2015 150 aktiv Memberen.

Am Laaf vum Joer haat de Comité un 16 verschiddener Versammlungen deelgeholl, an daat waren :

3 Comitéssetzungen :	21.10.2014
	12.11.2014
	21.04.2015
6 Comité-Réuni-Setzungen :	30.09.2014
	11.12.2014
	06.01.2015
	20.01.2015
	17.03.2015
	02.06.2015
1 Comité de gérance – Setzung :	21.10.2014
2 Groupe de Travail Internet :	04.05.2015
	17.06.2015
4 Versammlung op Gemengniveau :	05.09.2014
	07.10.2014
	03.12.2014
	16.03.2015

Mir hunn zesummen mat der Amicale 5 Intern- a Lokalaktivitéiten organiséiert :

Vizfest + Verkaf	10-12.10.2014
Homeembennenung	15.01.2015
Cactus-Grillstand	13-14.02.2015
Buergbrennen	08.03.2015
Dachsekirmes	01.06.2014

Mir hunn zesummen mat der Amicale un 4 Duerfmanifestatiounen deelgeholl :

Commémoratiounsdaag	12.10.2014
Kreschtmaart	28+29.11.2014
Grouss Botz	22.03.2015
Nationalfeierdaag	22.06.2015

Mir hunn dann och nach 2 federalen Aktivitéiten deelgeholl :

AG FNEL	18.09.2014

Rapport

Pow-Wow Aigles 12.07.2015

3. Rapport vum Chef de Groupe

Aktivitéitsrapport vum Gruppechef
Scoutsjoër 2014 - 2015

1. Memberen

20 nei Aschreiwungen am Laaf vum Joër. Eis Memberszuel ass +/- konstant bliwen mat 150 Memberen.

2. Formatiounen

Hier Formatioun erfollegräich ofgeschloss hunn :

Chefs d'Unité (cycle 2):	3 Cheffen (Lynn GRAF – CC; Leo KAHN – CC; Mark MONVILLE – CT)
Assistant Chef d'Unité (cycle 1):	1 Chef (Caroline DEPREZ – ACT)
Bosses et Bobos:	1
Leadership:	4
Woodbadge:	0
Formation CG:	0
Formation pour formateur:	0
Formations continues:	all Chef min. 1

3. Gruppe-Programm

SEPTEMBER 2014

- **Préparatiounscamp vun de Cheffen** vum 11.-14. September 2014 (fir d'3. Kéier) am neien Home
- **AG FNEL** QG FNEL Cents den 18. September 2014
- **Schnupperversammlung** den 20. September 2014
- **Journée des chefs** QG FNEL Cents den 21. September 2014
- **Montée** vum 26.-28. September 2014 zu Beggen

OKTOBER

- **Vizverkaf** an 3. **Vizfest** de Weekend vum 11.-12. Oktober 2014
- **Journée de la commémoration nationale** den 12. Oktober 2014

NOVEMBER

- **Assemblée Générale D.D.** den 6. November 2014

DEZEMBER

- **Krëschtmaart** zu Schuller bei der Gemeng vum 29.-30. Dezember 2014 (Verkaf vu Gaufren, Marzipangromperen, waarme Käschten an Mini-Totemen zu Gonschten vun der ONGD-FNEL)

Rapport

DIPPECHER DACHSEN
SCOUTEN A GUIDEN
AUS DER GEMENG DIPPECH

JANUAR

- **City-Trip** vun allen FNEL-Cheffen op Freiburg vum 31. Januar – 1. Februar 2015

FEBRUAR

- **Verspriechen am Grupp** zesumme mat den Elteren de 7. Februar 2015 zu Steesel
- **Reunion semestrielle** vun de Cheffen den 12. Februar 2015
- **Buergbrennen** den 22. Februar 2015

MAERZ

- **Botzaktioun** den 21. März 2015

ABRELL

- **Grillstand beim Cactus** 3.-4. Abrëll 2015
- **Gruppecamp** am Thema Superhelden vum 7.-10. Abrëll 2015 zu Diddelléng um Bierg

MEE

- **Schaffdag am Home** den 1. Mee 2015

JUNI

- **Dachsekirmes** beim Dachsen-Bau den 14. Juni 2015
- **Virowend vun Nationalfeierdag** den 22. Juni 2014
- **Gruppesortie** zu Schuller den 27. Juni 2015

JULI

- **92. Pow Wow** den 11.-12. Juli 2015 bei den Aigles am Rolléngergronn am Thema Comics
- **Summercampen** Bv vum 18.-19. Juli, Lx vum 17.-19. Juli an d'Sc haten e camp volant vum 17.-22. Juli
- **World Scout Jamboree** vum 26. Juli - 9. August 2015 (15. August mat Norees) zu Kirarahama a Japan (8 DD hunn drun deelgeholl)

AUGUST

- **Rover B.A. an** Tanzania vum 2.-21. August mat 2 Dachsen (coop. mat IOP-Illula Orphan Program)
- **Roverhike** an den Dolomiten, um Gardaséi an zu Innsbruck an Éisträich vum 29. August – 5. September 2015

4. Branche-Programm

Colonie (6-8 Joër):

Ugefaangen huet d'Scoutsjoer bei den Beaver mat eiser traditioneller Schnupperversammlung, bei där mir vill néi Kanner, an zwee nei Cheffen an eiser Colonie begréissen konnten. Weider goung et dann op d'Montée, wou mir der Halschent vun der Colonie Äddi gesot hunn an zum Schluss mat just nach 7 Beaver heemgefuer sinn.

Mee d'Colonie ass schnell gewuess: 20 Beaver waren fir d'Scoutsjoer 2014/2015 ugemellt vun deenen och bal jiddereen bei all Aktivitéit dobäi war.

Rapport

Beim Vizverkaaf an beim Sammelen fir d'Buergbrennen konnten d'Beaver weisen wéi fläissech si sinn, a bei der grousser Botz hu sie bewisen dass sie un d'Natur denken. Sou konnten sech eng ganz Rei Beaver déi blo oder déi gréng Krall fir hir Beaverpatt verdéngen.

Am Laf vum Joer hun mir flott Aktivitéiten gemach, wéi z.B. Versammlungen am Thema Weltraum, Ëmwelt a Recycling, Erfindungen oder Scoutismus. An eiser Schlaraffenland-Versammlung hu mir lecker Liewkuchenhaiser gebaut.

Den 22. November huet hei am Scoutshome de Beaver hieren eegenen Restaurant fir een Owend seng Dieren opgemaach. All d'Elteren waren invitéiert eise leckere Menu schmaachen ze kommen. Et war een gelongenen Owend an enger flotter Ronn.

Den 29. November sinn d'Beaver bei de Kleeschen an d'Gemeng zu Dippech gaange, wou sie all eng Tuut mat Séissegkeeten kruten, deen een oder aneren huet och mol eng Rutt vum Houséker kritt.

Vum 21. bis den 23. Dezember hu mir zu Miersch eng spannend Rees duerch de menschleche Kierper gemach, mat vill Spill a Spass hu mir ganz vill nei Saache geléiert. Sou konnten mir zum Schluss dem Ernie (eng Popp!) seng verlueren Kierperdeeler alleguer rëmfannen.

Den 7. März hate mir eng flott Sortie an der Staat bei där mir eng Rees ronderëm d'Welt gemach hunn.

Um Gruppecamp zu Diddeleng an der Ouschtervakanz hunn och d'Beaver gehollef de Superjhemp ze retten.

Weider goung et den 9. Mee um Beaverfunday um Senningerbierg bei den Indianer, wou mir vill nei Beaver aus anere Colonien kennengeleiert hunn.

De 16. Mee ware mir beim Imker Kahn op Besuch fir eppes iwwert seng Beien ze leieren.

Als flotten Ofschloss hate mir ee super Summercamp zu Bouneweeg wou mir dem Bibu gehollef hun séng Wunderlampe ze fannen.

D'Beavercheffen kucken op een ganz positivt Joer zréck, an freeën sech op een weidert flott Joer :-)

Lynn GRAF, CC

* * *

Meute (8-11 Joër):

D'Scoutsjoer 2014/2015 war fir eis Meute e Joer vun grousser Bedeitung. Et war e Joer am Zeechen vum Wandel, vill nei Wëllefcher, mee och vill nei Cheffen. Mir hunn nämlech eng nei, grouss Cheffenequipe an der Meute begréisst.

Bal 40 Wëllefcher hate mir d'lescht Scoutsjoer. Mat esou enger grousser Meute war et keng Iwwerraschung méi op all Aktivitéit vill, vill Wëllefcher ze empfänken. Well dëst Joer awer signifikativ Wiessel mat sech

Rapport

DIPPECHER DACHSEN
SCOUTEN A GUIDEN
AUS DER GEMENG DIPPECH

bruecht huet a jidereen sech fir d'éischt huet mussen agewinnen, wor et Programmtechnesch en éischter rouegt Joer fir eis Meute.

Am éischten Trimester hu mir eng grouss Kachsortie organiséiert, wou mir Owes iwwert 60 Wëllefcher an Elteren zerwéiere konnten. An esouguer déi grouss Spull, déi no deem laangen Dag Arbescht nach ugefall ass, hunn d'Wëllefcher nach mat engem breede Grinsen gemeechtert.

Natierlech ware mir och gutt beim Vizverkaaf vertrueden an och beim wichtegsten Besuch vum Joer, dem Kleeschen.

Nodeems mir eis am 1. Trimester drop konzentréiert hunn, dass d'Cheffenekipp an d'Meute sech gutt kenneléieren, hu mir am zweeten Trimester mam Scoutismus ugerappt. Bagder goufen virgestallt an Badger goufen gemeet. Déi beschten Noriicht heibäi ass dat et sech net op d'Badger limitéiert huet déi während Versammlungen an Campen gemeet goufen mee vill Wëllefcher hunn sech doheem d'Zäit geholl an eng ganz Rëtsch Badger ofgeschloss déi op fräiwëlleger Basis gemaach goufen. Et ass saitdeem bal keng Versammlung ofgelaf wou keen Badge um Enn verdeelt ginn ass. Sportsbadger, Reporterbadger, Knechler, Artisten, Guiden, et feelen der net méi vill fir se all opgezielt ze hunn. D'zweet Trimester gouf op wonnerbar Arterweis ofgeschloss, mam alljährleche Gruppecamp, 4 Deeg puren Spaass an a ronderem de Scoutismus.

Am drëtten Trimester ass et äifrech weidergaange mam aktive Scoutismus an der Meute. Kniet an Orientatioun stoungen hei am Mëttelpunkt esouwäit eng vun den wichtegsten Aktiviteiten fir d'Wëllefcher iwwerhapt, de Sixplo. Op deem Dag huet sech eis Meute mat all de Meuten aus der FNEL getraff fir bei Iechternach dem Wieder ze weisen dat d'Wëllefcher en wonnerbaren Dag kënen hunn obwuel et reent. Ronn 150 Wëllefcher hu sech zesummefonnt woubäi de beschte Moment vum Dag e Grand-Jeu war wou all d'Posten vun den Sixere selwer gefouert gi sinn.

Et gouf leider awer och méi schlecht Momenter, ënnert anerem mat eiser Vëlosortie. Ewéi d'lescht Joer wollten mir erëm bei d'Musel Vëlo fueren goen, leider huet d'Wieder net matgespillt an wollt eis ze vill des Gudde ginn. +40 Grad ass keng esou praktesch Temperatur fir Vëlo fueren ze goen, amplatz si mir einfach Doheem an eisem Home bliwen an hunn eis mat flotte Waasserspiller gutt amüséiert.

Nom Pow-Wow bei den Aigles gouf d'Joer fir d'Meute um Misärshaff ofgeschloss, op eisem Intermeute-Summercamp mat eise Frënn vun Iechternach, den Echternoacher Quaichlecken. E flotten Jubiläum hunn mir gefeiert, an zwar 5 Joer Intermeute mat den Quaichlecken. Fir de Groussdeel vun den Cheffen ass et nach weidergaangen mam Jamboree a Japan.

Zesummefaasend, war et e Joër andeems d'Meute vun den Dippecher Dachsen en Neistart agelaut huet deen och nach am laafende Joer am Mëttelpunkt wärt stoen, ë Joer wou d'Wëllefcher ganz aktiv matgeschafft hunn, sech Badger verdéngt hunn an zu den Erfahrungen an Erliefnisser vun der Meute aktiv bäigedroen hunn.

Ech wëll alle Cheffen déi mëttlerweil an anere Branchen aktiv sinn vill Erfolleg wënschen, de Cheffen déi op der Uni beschäftegt sinn alles Guddes an dat se bei d'Meute erëmfannen, an de Cheffen déi weider bei der Meute aktiv sinn, vill nei Erfahrungen. Fir all déi nei Cheffen bei der Meute hoffen ech dat se déi Branche fonnt hunn déi hinnen zouseet an dat sech méi wei wuel fillen.

DIPPECHER DACHSEN
SCOUTEN A GUIDEN
AUS DER GEMENG DIPPECH

Rapport

DIPPECHER DACHSEN
SCOUTEN A GUIDEN
AUS DER GEMENG DIPPECH

Daniel MONVILLE, CM

* * *

Trupp (11-15 Joër):

3 Patrullen; 28 Scouten
4x 1. Klasse

Highlights erausgepikt:

4 Leadershipen: dat heescht 4 Sortien a 4 Versammlungen organiséiert vun de Scouten selwer.

Versammlungen iwert d'Joër stoungen ganz am Thema vum Scoutismus, vu dat op der Montée bal eng Dozen nei Scouten an d'Trupp koume. Vum BP an Tenderfoot, iwer Kaart, Kompass a Konstruktioune, bis zum zesummeliewen an der Patrull war alles derbäi.

November: 1. Hellef Sortie mam Robi; Kachversammlung (15 Participants).

März: Intertrupp mat de MW an LB zu Mamer am Thema: Dem Miraculix seng Missioun (Participants: MW 13, DD 11, LB 4).

Juli: Summercamp "Into the Wild": Hike vun Ettelbreck iwer Gilsdorf, Beefort, Ierchternach, Moersdorf op Grevenmacher. Um Programm stoung awer nët nëmmen der Sonn héich de Bockel voll Gepäck entgéint wanderen mee och e Velostour, Kanu fueren a Schwammen (9 Participants).

Yves ENGEL, CT

* * *

RovEx (15-26 Joër):

- D'Joër ugafaang mat enger witzeger an ofwiesslungsräicher Explorermontée
- Grouss Entreprise (Pizzasuewen) leider an der Entwécklungsphase stieche bliwwen
- RovEx traditionnel present op dem Vizfest, Chrëschtmaart, beim-Cactus-Grillen, Grouss Botz, Kiermes, Pow-Wow an um Schaffdag fir den Home ze raumen
- flotte RovEx-Weekend zu 17 am Schnéi zu Kaalber
- zu 9 beim Rover-Winter-Wonderland, engem Iesse bei der FNEL
- zu 21 op eiser Kachversammlung, wou mer um Feier gekacht hunn
- zu 12 beim Roverquiz bei den Eechternoacher Quaichleken, déi d'lescht Joer bei eiser Editioun gewonnen haten
- zu 13 op der 1. Editioun vum Rover-Volleyballstournoi vun der FNEL
- 3 verschidde Summercampen mat insgesamt 16 Participanten:
    - Projet zum Renovéiere vu futtisse Schoultafelen an der Ëmgéigend vun Ilula, Tansania
    - World Scout Jamboree zu Kirarahama, Japan
    - Explorer-Rover-Camp (ERC) an den Dolomiten an um Gardaséi an Italien an zu Innsbruck, Éisträich

Rapport

Claude MARSON, RUE

* * *

2014/2015 wor markéiert duech vill Ofgäng an der Cheffenekipp (ausschliisslech wéinst der Uni) a wéinegen Neizougäng a kann soumat als Transitiounsjoër bezeechent ginn. Dëst ass och dëst Joer net anescht, opwuel mir mat der Rentrée 2015/2016 zwar nach ëmmer vill Ofgäng (ausschliisslech wéinst der Uni) mee awer och vill Neizougäng verzeechne konnten.

De Problem deen awer ass a bleift, ass deen, dass mir brevetéiert Cheffen un déi atraktiv Unisstied verléieren an déi stark Cheffenekipp déi elo um Rudder ass, ee Joër ze jonk ass fir mam 1. Joer Formatioun (Mindestalter 16 Joër) unzefänken. Dëst bréngt mat sech, dass déi puer brevetéiert Cheffen déi nach am Land sinn, lénks a riets an de Branchen mussen aushëllefen. Glécklecherweis kënnen d'Camp'en an de Schoulvakanzen awer assuréiert ginn, well dann och eis studéierend, brevetéiert Cheffen eis nach ëmmer gären 2 Hänn upake kommen.

Ab der Rentrée 2016 wärten déi meeschte Cheffen hier Formatioun awer entamméiere kënnen!

Wéi dir gesidd, ass eng nei Generatioun Scouten amgaangen de Lead vum Grupp ze huelen. Mir kënne frou sinn, dass mir op soueng grouss a motivéiert Exploreruniteit ziele kënnen!

Ganz am Sënn vun dëser natiirlecher Transitioun, hunn och déi 3 aktuell Gruppecheffen dem Grupperot an dem Comité um Enn vum leschte Scoutsjoër matgedeelt, dass si sech, zu Gonschten vun enger méi jonker Ekipp, um Enn vum laafende Scoutsjoër zréckzéie wäerten. D'Posten sinn ausgeschriwen mee leider huet sech bis elo nach keng Ekipp gemellt fir dëse flotten Challenge unzegoën.

Ech sinn zouversiichtlech, dass sech déi richteg Leit fanne wärten. Potenziell Kandidaten, mat deem néidege Potential ginn et der neemlech genuch!

Ech soën eisem Comité an eiser Amicale en décke Merci fir déi gudd Zesummenarbescht a freeë mech op e weidert Joër an dëser Constellatioun!

Julien KONSBRUCK, CG

* * * * *

4. **Rapport vum Tresorier**

De Bilan gouf vum René Grosbusch virgedroen.
Den Exercice 2014-2015 ass op den 31.08.2015 mat folgenden Solden ofgeschloss ginn.
Kont PowWow : 1205.04 €
Kont Projets : 13849.- €
Kont courant : 7188.89 €

5. **Rapport vun de Keesenrevisoren**

Rapport

DIPPECHER DACHSEN
SCOUTEN A GUIDEN
AUS DER GEMENG DIPPECH

De Carlo Neu an de Klaus Grossekathöfer hunn de Bilan den 09.11.2015 kontrolléiert an als korrekt emfond.

6. Approbatioun vun de Konten 2014-2015

De Bilan vum Exercice 2014-2015 ass eestemmeg vun der A.G. ugeholl ginn.

7. Décharge vum Comité a vun de Keesenrevisoren

D'A.G. huet dem Comité , dem Keesier an den Keesenrevisoren Décharge ginn.

8. Wiel vun den Keesenrevisoren

Déi 2 Keesenrevisoren Carlo Neu an de Klaus Grossekathöfer hunn sech bereet erklärt weiderzemaachen a sinn vun der A.G. approuvéiert ginn.

9. Fixatioun vun der Cotisatioun

D'Cotisatioun fir déi kommend Saison bleiwt onverännert bei 30.- euro

10. Wiel vun de Comitésmemberen

All Comitésmemberen sinn dest Joer austriedend an eremwielbar.
De Marc Schmit, d'Claudine Reuter an den Claude Ralinger huet hir Démissioun am Comité ginn.
Folgend Memberen hunn d'Demande gemaach fir remgewielt ze ginn :

Bob Grun, Marcel Seyler, René Grosbusch, Aloyse Marson, Nico Peltier, Monique Alldis.

De Comité setzt sech also wéi folgt zesummen :

Bob Grun, Marcel Seyler, René Grosbusch, Aloyse Marson, Nico Peltier, Monique Alldis.

Automatesch am Comité sinn d'Gruppecheffen :

Julien Konsbrück, Benoît Theisen, Yves Monville

11. Divers

Zum Schluss huet d'Madame Buergermeeschter d'Wuert ergraff a Merci gesoot……

Rapport

Den Owend ass dunn bei engem gemittlech Pättchen ausklengen geloos ginn.

Schuller, den 18.11.2015
Marcel Seyler
Sekretär